PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 04/02/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gläichheet tëscht Fraen a Männer weiderzeleeden.**

Den 3.02.2021 huet Eurostat eng Recherche zu de Pensiounen an Europa veröffentlecht. D'Donnéeën aus de Joren 2011-2019 weisen, dass an all den EU-Länner, Fraen am Duerchschnëtt manner Pensiouns-Akommes hunn wéi Männer. Dëst Akommes enthält nieft der staatlecher Pensioun a staatlechen Hëllefen och privat Zousazpensiounen.

D'Etüd wéisst, dass an Europa am Duerchschnëtt eng Pensiounslück vun 29% tëschent de Geschlechter besteet. Virreider an der Statistik ass Lëtzebuerg, hei hunn d'Fraen am Duerchschnëtt ganzer 44,2% manner Akommes wéi d'Männer. D'Zuele vun 2019 léien domat op engem identeschen Niveau wéi déi vun 2012.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi erkläert d'Regierung sech sou e groussen Ënnerscheed beim Akommes vun eelere Fraen a Männer?
2. Wat wëll Lëtzebuerg dogéint ënnerhuelen, fir dës Ënnerscheeder an Zukunft ze verklengeren?
3. Wéi erkläert sech d'Regierung, dass op déi lescht 7 Joer gekuckt, keng Verbesserung vun dësen Zuelen ze gesinn ass?
4. D'Pensiouns-Akommes hänkt virun allem vum Akommes wärend de Schaffjoren of. Och hei am Land verdéngt eng Fra oft nach manner wéi hire männlechen Aarbechtskolleeg. Wat fir Schrëtt sinn an Zukunft geplangt, fir de *Gender Pay Gap* weider erofzedrécken?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

www.piraten.lu